Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. November 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister an den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

Esou wéi et am Artikel "*Deutschlands Dilemma mit dem Windrad-Schrott*", deen de 7. November vun "Die Welt" publizéiert gouf, heescht, hunn eis däitsch Nopere gréisser Probleemer fir den Offall vun ofgeschalten industrielle Wandanlagen ze entsuergen. An Däitschland lafen déi industriell Wandanlagen duerchschnëttlech 20 Joer, duerno mussen se opgrond vu Verschläiss ofgeschalt, zeréckgebaut an déi ënnerschiddlech Materialien entsuergt ginn. Allerdéngs feelt et am Bezuch op dee leschte Punkt un där néideger Infrastruktur. D'Käschte vun där Entsuergung ginn, deelweis beaflosst vun der Gréisst vun der jeeweileger Anlag, op 160.000 – 500.000 Euro geschätzt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill industriell Wandanlage sinn zu Lëtzebuerg aktuell am Betrib, wéi vill am Bau a wéi vill sinn der geplangt?
2) Wat ass den duerchschnëttlechen Alter vun den industrielle Wandanlagen zu Lëtzebuerg?
3) Wat ass déi duerchschnëttlech Lafzäit vun enger industrieller Wandanlag hei am Land?
4) Wéi vill vun den industrielle Wandanlagen hei am Land sinn 20 Joer oder méi al?
5) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi eng Offallstoffer beim Réckbau vun enger industrieller Wandanlag mussen op wéi eng Manéier entsuergt ginn a preziséieren, op wéi enger gesetzlecher Basis déi entspriechend Ëmweltschutzmoossname gereegelt sinn?
6) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill industriell Wandanlagen an de Joren 2015 bis 2024 hei am Land jeeweils zeréckgebaut goufen, wéi en Alter dës jeeweils erreecht haten a wéi héich de Käschtepunkt fir de Réckbau all Joers insgesamt louch?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten